DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„No de schroen Iwwerschwemmunge vum Juli 2021 hu vill betraffe Leit a Gemengen decidéiert, präventiv Mesuren ze huelen fir z'evitéieren, dass et nach eng Kéier zu sou dramateschen Szeene kënnt. De Waasserfong iwwerhëlt an deem Kader 75% vun de Käschten vu Mesurë fir den Héichwaasserschutz ze verstäerken. Bei grouss ugeluechte Moossname fir ganz Uertschaften sinn et esouguer 90%.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Wéi vill Demandë sinn bis ewell am Ministère erakomm?*
- *Wéi vill Demandë si schonn traitéiert ginn? Wéi vill Demandë stinn nach op?*
- *Wéi vill Subventioune si schonn ausbezulet ginn? Wéi ee Montant ass an deem Kader ausbezuelt ginn?*
- *Fir wéi eng Mesurë ginn Subventiounen ugefrot?*
- *Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass déi jeeweileg Mesuren eréischt ëmgesat kënne ginn, wann d'Demande fir eng Subventioun accordéiert ginn ass, an een am anere Fall net méi eligibel fir eng Subventioun ass?*

- *Wann deem sou ass, ass d'Madamm Ministesch net der Meenung, dass d'Mesuren zum Schutz virun Héichwaasser esou séier wéi méiglech misste kënnen realiséiert ginn?"*

Mat déiwem Respekt,

| Max HAHN<br>Deputéierten | Carole HARTMANN<br>Deputéiert |
| --- | --- |